Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg

Psychos

© Karin Feyen

22. Oktober 2026 | 18:30-20:30 Auer

Centre Sportif John Scheuren

Avenue du Parc des Sports

L-4671 OBERKORN

De **Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg** ass eng aner Form vun Austausch a Verstoe vu Psychosen a riicht sech u Mënsche mat perséinlecher Erfarung, Familljen a Frënn aus hirem Ëmfeld a Professioneller aus dem Gesondheetsberäich.

Den Trialog huet keen therapeuteschen Usaz, mee ass e Forum fir e gläichberechtegten a respektvollen Austausch tëscht deenen ënnerschiddleche Gruppen.

D'Zil ass et, fir Virurteeler entgéintzewierken an zesummen en neit Versteesdemech an nei Weeër am Ëmgang mat Psychosen a psychiatreschen Erkrankungen ze sichen.

Wat beschwat gëtt, ass vertraulech. Et muss een net matdeelen, ob een e Betraffenen, eng Persoun aus dem Ëmfeld oder e Professionellen ass, fir um Trialog deelzehuelen.

D'Haaptsprooch vum Trialog ass Lëtzebuergesch. Dir kënnt Iech awer och op Däitsch oder Franséisch ausdrécken. Eng direkt mëndlech Iwwersetzung op Franséisch gëtt ugebueden.

La langue principale du Trialog est le luxembourgeois. Vous pouvez toutefois vous exprimer en français. Une traduction orale directe en français est prévue.

Das Verständnis der luxemburgischen oder französischen Sprache ist notwendig, jedoch können Sie sich auch auf Deutsch ausdrücken. Eine direkte mündliche Übersetzung ins Französische wird angeboten.

Fillt Dir Iech ugesprach a sidd bereet Äert Wëssen an Erliewen an engem vertrauleche Kader ze deelen?

Dann zéckt net, fir beim Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg dobäi ze sinn.

Deelhuelen um Trialog ass gratis an ouni Aschreiwung.

Mir freeën eis op ee gemeinsamen Austausch.

Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg

Psychos

22. Oktober 2026 vun 18:30-20:30 Auer

18:30 Begréissung

18:40 Réseau-Psy mat der Präsentatioun vun hirem „Service parentalité“

19:30 Paus

19:45 Zäit fir Äert Thema an deem wat Iech wichteg ass

20:30 Ofschloss

Wéini?

Den 22. Oktober 2026
Vun 18:30-20:30 Auer

Wou?

Centre Sportif John Scheuren
Avenue du Parc des Sports
L-4671 OBERKORN

Accès ?

Bus-Arrêt : « Oberkorn – Centre Sportif »
Parking : Parking Aquasud

Nach Froen?

info@trialog.lu
+352 24 77 55-15 (Médiateur Santé)
www.trialog.lu

Dëse Projet op privat Initiativ gëtt ënnerstëtzt vum

Médiateur Santé

www.mediateursante.lu